PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An engem RTL Artikel vum 29.01.2021, maachen Journalisten op eng Grupp vun Enseignanten an Sympathisanten opmierksam déi sech ënnert der Form vun der Organisatioun "Nues am Wand" zesumme gedoen hunn, an déi maske-fräi Klassesäll fuerderen.

Um Site vun der Organisatioun liest een Saachen ewéi, "Covid-19 féiert net zu enger Surmortalitéit" an dass Virussen am Allgemengen net gesondheetsschiedegend wieren : "Das *Modell* eines krank machenden Virus hat sich im Laufe der Medizingeschichte als nicht haltbar erwiesen."

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Déi éischt Beiträg um Blog vun der Organisatioun si vun Oktober 2019 (deemools nach iwwert aner Themen ewéi Covid).

   Hat de Ministère scho virum RTL Artikel Kenntnis iwwert dës Organisatioun?
   Huet de Ministère Kenntnis doriwwer op Enseignanten déi uewe genannten Theorien un d'Kanner weiderginn?

2. Wat fir Konsequenzen zitt de Ministère aus dëser Organisatioun?
   Hält de Minister dës fir eenzel Fäll oder fir eng eescht ze huelend Gruppéierung?

3. Wei kann de Minister den Eltere garantéieren, dass an de Schoulen a Lycéeë just Fakten iwwert Covid-19 un d'Schüler vermëttelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député